

Letzebuerg, dén 7. September 1986

Leiw Elteren a Familjien vun onsen ongleckleche Komerodinnen a Komeroden dénen mir haut gedénken,
dir Dammen an dir Hären
Wärt Frënn a Sympatisanten vun der edf,
Komerodinnen a Komeroden,

Nemmen deen dé vergies ass, ass tatsächlech an eisen Härzer gestuerwen! Dat ass eng Worecht dé déw verwuerzelt ass ~~dem~~ Gedankegud vun der Federatioun vun den zwangsrekruteierte Naziaffer. Wann én dei vergangen 25 Joer Aktiviteit vun eisen edf Associatiounen duerchkuckt da geseit én, dass dat keng eidel Wieder sin, mä des Worecht mat Tatsachen ennermauert gow an och weider gett. Monnumenter fir "eis Morts pour la Patrie" gowen énnert dem Impuls vun eisen Sektionen bal an allen Uertschaften vum Land opgericht. Bei de lokalen Gedenkfeieren sin d'Zwangskräfte derbei, wa sie se esoguert net selwer organiseieren. Och dese Monument National ass op Initiatif vun eiser Federatioun an natierlich enner Mathöllef vun de Resistenzorganisatiounen an der Regie vun der démoleger Regierung, realisiert gin. Awer och am Ausland, op frieme Buedem wo eso munche gudde Letzebuerg seng lescht Ro'fond huet, sollen sie net vergiess sin a ~~Gediechtnissteng~~ ^{Gedenksteng} un hire Calvaire a Sacrifice erönneren. Eso huet ons Federatioun nach d'lescht Joer 2 Monnumenter am Ausland opgericht do wo an den Morlageren vill onglecklech Refractären fir hir Haltung trei zu hirer Hemecht gelidden a gemuerd gowen. An elo am August kont och endlech zu Slonsk, dat fréert Sonnenburg e Gedenkstén mat den 91 Nimm vu letzebuerg Jongen dei do embruecht gowen, inaigureiert gin.

Op nationalem Plang, awer, eemol am Joer, zenter der Grénnong vun eiser Federatioun am Joer 1960 organiseiere mir d'Journée Commémorative Nationale des Victimes du Nazisme, enrôlees de force". Hei wëlle mir an aller Offentlechkét beweisen, dass ons Médercher a Jongen vun de Joergäng 1920 bis 1927, dei illegal a völkerrechtswidreg an préisesch Wehrmacht an an paramilitäresch Organisatiounen gezwunge gowen an do emkummen, net vergies sin. Net vergiess sollen awer och all dei net sin dei frézeiteg duerch dei erlidden Entbierungen a Strapazen gestuerwe sin. Aschlessen an des national Gedenkzeremonie wëlle mir all dei, dei a schweiester Zeit hirt Liewen fir ons Hemecht gin hun; fir d'Freiheit an d'Onofhängekeet vun onsem Land; siew dat a Prisongen a Kazetter, an der Deportatioun, an de Gefangenelager, am Maquis oder an den allierierten Armeien. Hinnen alleguer ouni Ausnahm soll haut hei an E'erfuercht an a Stolz op hir Haltung geduecht gin.

Fir dass sie net vergiess sin an net vergies gin, dofir sti mir haut hei.
 Fir ze weisen, dass hirt Undenken net an de Vergies geroden ass, dofir si dir
 alleguereten haut heihinner kom; an dofir soen ech iech am Numm vu menge
 Komerodinnen a Komeroden aus den Zentralkomit  en en deiwste Merci fir   r
 Pr  senz hei.

Mir fillen eis ge  ert, dass den H  r L  on Bollendorf, lte Bierger vum Land
 a Chamberpresident och dest Joer, wei an der Vergangenh  t, hei st  t a mat ons
 weisst dass mir gemeinsam dei net vergiessen dei dat H  chst, d'Liewen fir
 onst Land geaffert hun.

*Merci, och ganz speziell dem H  r Staatsminister Jacques Sauter, den
 trotz seuge willen Engagementer drop gehalen huet m  s dest joer hei bei
 ons ge sin an domadole beweisst dass och dei lechl Responsebel vun de
 j  ngere Generationen, dei   ren dei virum hinnen fir ons Freiheit an
 ons Onofh  ngkeet gefidden a gestuerwe sin.*

D   selwechte Merci och un eise Ministeren:

Och dem H  r Erzbeschof Jean Hengen, d  n haut vir   mol net kann hei sin,
 e w  rmste Merci, fir all seng Participatiounen a seng Matth  llef ^{bei} van eisen
 Er  nnerungsfeieren - Merci dass hien de Professor Jacques Ludwig d  l  gue  ert
 huet, w   och him merci fir seng Wieder beim Monument zu Hollerich op der
 Gare; a seng Matth  llef hei um Kanounenhiwel.

Fir emol well ech awer och hei ganz offiziell dem Grand Rabbin Bulz merci
 soen fir seng Participatiounen haut an an de vergangene Joeren, zu Hollerech
 wei och hei.

Leider kann den Mar  chal de la Cour, den H  r Roger Hastert, d  n am Ausland
 ass, net hei den Haff vertrieben a l  sst sech entsch  llegen.

*Iech all, dir H  ren Volleksvertrieder, staatlech a gemengen Autoriteiten,
 hir Vertrieder, Hannerbliewen vun onsen Affer, Komerodinnen a Komeroden
 en allerdei  ste Merci am Numm vun allen edf, fir   r Pr  senz an Sympatien-
 erweisung.*

Merci awer och all d  nen, dei ons och dest Joer gehollef hun des Journ  e
 mat der neideger Dingniteit ze feieren. Eso der Amicale vun der Garnisouns-
 musek ennert der Leedong vum Komerod an edf Josy Comes.

Merci ouse gëschleche Komeroden dei emmer beréd sin ons Gedenkfeieren de chreschteche Karakter am Géscht an am Sënn vun onse Verstuerwenen ze gin.

Merci och nés der Chorale vun den edf, dese 40 Komeroden dei beréd waren d'Mass an der Herz-Jesus Kirch ze sangen. An net nemme Merci, mé och ons Felicitatiounen.

Merci der Gendarmerie a Police - der Press - Radio a Televisioun.

Dir Dammen an dir Hären!

Mir all hun eng Aufgab: Dei net ze vergiessen dei hirt Liewen an hir Ge-sondhét fir d'Hemecht gin hun. Mir hun haut bewiesen dass mir des Aufgab éscht huelen. Loost mer ons net décourageiere lossen, duerch dei, dei haut hei félen. Looste mir och nach, méi, wéi 40 Joer dono mathëllefen dass dé Calvaire dén ons Generatioun duerch d'Naziherrschaft octroyéiert krut nüt an de Vergiess geréit. A virun allem losst mer mathellefen, dass sech dat nüt nach eng Kéier widderhëllt, och net an enger ähnlecher Form oder an enger Form déi déi selvest Konsequenzen géiw bréngen. Et ass ons Aufgab mat onser Participatioun un deser Konsequenzen géiw bréngen. Et ass ons Aufgab mat onser Participatioun un deser an un ähnlichen Erennerungsfeieren dozo beizedroen, ze erënneren, ze warnen an ons Nokommen a Jugend vun haut drop opmierksam ze machen, dass Wuechsamkéét noutwendeg ass an dass et gëllt ze wieren éer et ze spéid ass.

Mir dierfen ons de Vierworf nüt léschten aus der Vergangenheit nüt geléiert ze hun, an ons aus Bequemlechkét aschléiferen ze lossen.

Haut hu mir, all wéi mir hei stunn, ons Pflicht gemat. Onst Versprechen ageléist, genau wéi an de vergangene Joeren. Mir hun onsen Kanner, Geschwester, Fra, Man, Komerodin a Komerod déi hirt Liewe fir d'Hemecht gin hun, bewiesen dass mir sie nüt vergiess hun. An esou lang mir liewen soll d'Undenken un hir Affer och nüt duerch ons an de Vergiess kommen. Dat ass de Sënn an den Zweck vun der Journée Commémorative vun den edf.

Merci.